

06/2024

# debulletin



**Editorial vum  
Patrick Remakel**  
Vill Froen, keng Äntwerten

**Résultats des élections  
de quatre membres**  
du personnel enseignant  
à la Commission scolaire nationale

**Alle Jahre wieder**  
Eis Grondschoole funktionéieren  
am Noutbetrieb.

**Évolution de la carrière**  
de l'instituteur classé  
dans le groupe de traitement A2



*Mäi Choix*

**sne**

syndicat  
national des  
enseignants  
cgfp

**Fir lech,  
mat lech,  
zesumme  
méi staark!**

# ROOM *Luxembourg*

INDIVIDUELLE PLANUNG

BERATUNG

BEMUSTERUNG AUF  
WUNSCH

LIEFERUNG UND  
MONTAGE

SERVICE APRÈS-VENTE



## KREATIVE RÄUME, KLAR GESTALTEN

Moderne Bildung erfordert flexible Lernumgebungen, die sich mühelos an unterschiedliche Unterrichtssituationen anpassen.

Mit einer durchdachten Raumgestaltung schaffen wir Orte, die Lernenden und Lehrenden die Freiheit bieten, ihre Umgebung dynamisch und bedarfsgerecht zu gestalten.



- 02**      **Editorial vum Patrick Remakel  
Vill Froen,  
keng Äntwerten**
  
- 06**      **Résultats des élections de quatre membres  
du personnel enseignant  
à la Commission scolaire nationale**
  
- 10**      **Question parlementaire N° 1301**
  
- 14**      **Question parlementaire N° 1367**
  
- 16**      **Alle Jahre wieder  
Eis Grondschoole funktionéieren  
am Noutbetrieb**
  
- 20**      **Évolution de la carrière de l'instituteur classé  
dans le groupe de traitement A2**
  
- 32**      **Digitale Stadtabenteuer :  
Entdecke deine Stadt mit der  
urbanen Schnitzeljagd !**
  
- 36**      **SNE Events  
Réckbléck an Ausbléck**

# Éditorial

## Vill Froen, keng Äntwerten

En Dönschdeg, den 19. November hat de liberalen Educatiounsminister d'Presidente vun de Schoulkomiteeën, d'« Coordinateur de cycle » an aner Acteure vum Terrain an de Forum Geesseknäppchen op eng Informatiounsversammlung zur Alphabetisierung op Franséisch invitéiert. Mat der Erwaardung, endlech Äntwerten op all déi Froen ze kréien, déi bis elo nach ongekläert sinn, haten och zimmlech vill Leit sech op dëser Versammlung zesummefonnt. Virun allem Froen, déi di praktesch Ëmsetzung vun der Alphabetisierung um Terrain an de Schoule betreffen, wollten d'Leit beäntwert kréien – leider war dorauer den Dag näischt ginn. D'Enseignantë waren also no der Versammlung net vill méi schlau wéi virun.

Nodeems op der Versammlung nach eemol erkläert gouf, firwat een, nieft enger däitscher, och op de Wee vun enger franséischer Alphabetisierung wollt goen, goufen et dunn och nach eng Kéier Erklärungen iwwert d'Entwécklung vum Pilotprojet.

Nächste Punkt um Ordre du jour waren Informatiounen zu der Generaliséierung vun dësem Projet. An eréischt dono gouf iwwert d'Evaluatioun vum Projet geschwat. Spéitstens dunn hu bei villen Enseignantë d'Alarmklacke gelaut. Soll dëse Pilotprojet einfach esou generaliséiert ginn, ouni dass en objektiv an neutral evaluéiert gëtt? Et ass scho eng speziell Approche vum Ministère, fir op esou enger Versammlung fir d'éischt vun der Generaliséierung ze schwätzen an dono eréischt vun der Evaluatioun. War hei dem Ministère eventuell e Lapsus geschitt? Dorunner gleewe mir als SNE/CGFP awer net. Et

schéngt also ganz, wéi wann déi politesch Responsabel scho laang d'Decisioun geholl hätten, dës Alphabetisierung op Franséisch duerchezéien – egal op wéi eng – oder weem seng Käschten. Mee wat geschitt, wann dës Evaluatioun net positiv ausfällt? Gëtt dann d'Generaliséierung nees réckgängeg gemaach?

De Ministère muss sech enger positiver Evaluatioun also scho zimmlech sécher sinn, wann een d'Generalisatioun vun dësem Projet-phare esou an d'Vitrinn stellt

Mee wouhier hält de Ministère dësen Optimismus dann iwwerhaupt hier? Ma ganz einfach, d'Evaluatioun vum Pilotprojet baséiert op 5 Informatiounsquellen:

- de Script
- de Conseil scientifique
- d'Europakommissioun
- d'Uni.lu
- d'« Épreuves standardisées » vum Lucet (Université de Luxembourg)

Virum Hannergrond vun dësen Informatiounen verst mir, wou de MENJE den Optimismus hierhëlt.

Dës Evaluatioun ass an den Ae vum SNE/CGFP eng reegelrecht Farce an e Schlag an d'Gesicht vun den Enseignantë. Et ass och definitiv net déi Evaluatioun, déi mir vun Ufank u gefuerdert hunn.



Wou ass do de Feedback, d'Meenung vun den Enseignantë, vun de Leit vum Terrain, déi herno dës Reform och ëmsetze müssen? Et ass richtig, dass d'Enseignantë sech, nieft de Schüler, den Direktiounen am Volet Script erëmfannen. An dësem Volet fanne sech dann awer och d'Membere vum « Conseil scientifique » erëm. Den Avis vum « Conseil scientifique » gëtt also zweemol a Betruecht geholl, well dës Gremium och nach als eegestänneg Informatiounsquell bei der Evaluatioun vum Projet mat erugezu gëtt. Den SNE/CGFP ass entsat, dass der Meenung vun den Enseignantë vum Terrain, am Géigesaz zum « Conseil scientifique », nëmme wéineg Gewicht an dëser Evaluatioun zougestane gëtt.

Fir den SNE/CGFP ass et absolut net nozevollzéien, dass fir d'Leit um Terrain net méi Wichtigkeet virgesinn ass! Oder sollen d'Enseignantë bewusst klenggehale ginn, well kritesch a praktesch Froen oder Remarken onerwünscht sinn?

Am Géigesaz zu den Enseignantë, fir déi jo just eng minimal Bedeitung bei dëser Evaluatioun virgesinn ass, baséiert dës Evaluatioun bal exklusiv um Feedback vun der Universitéit vu Lëtzebuerg. Si ass näm-

lech an net manner wéi 4 vu 5 Feedbackquelle vertrueden. Fir d'éischte Kéier ass d'Universitéit eng eegestänneg Feedbackquell als Uni.lu. Dann ass d'Uni.lu och am « Conseil scientifique » vertrueden. Des Weidere gëtt dee « Conseil scientifique » jo dann, wéi scho virun erkläert, och nach zousätzlech am Kader vun der Informatiounsquell «Script» hiren Avis of. Och bei der Informatiounsquell « Épreuves standardisées » kritt d'Uni.lu duerch de LUCET eng weider Stëmm. Also am ganze 4 Feedback vum engem an deemselwechte Gremium, nämlech der Uni.lu!

A wann een dann och nach weess, dass de Vertrieber vun der Universitéit vu Lëtzebuerg am « Conseil scientifique » och nach e grouse Verfechter vum Projet « Alpha » ass, da muss ee sech wierklech froen, wéi objektiv dës Evaluatioun da schlussendlech ass.

Eng vun den 3 Haaptproblematiken, déi sech fir den SNE/CGFP bei der Ëmsetzung vun der paralleler Alphabetisierung stellt, ass de Volet « Schoulorganisatioun » a virun allem den Horaire. Dës Problematik ass effektiv kuerz op der Reunioun ugeschwat ginn an et gouf erkläert, wat fir een Impakt dëse Projet op

den Horaire wäert hunn. Déi Responsabel vun de Stonnepläng wäerten et an Zukunft sécher méi schwéier hunn, fir d'Stonnepläng opzestellen, einfach well duerch déi 2 parallel Alphabetiséierung vill mei Constraints entstinn.

Ob mir genuch Schoulsäll hunn a wou mir dat zousätzlech Schoulpersonal hierhuelen, fir d'Alphabetisatioun op Franséisch ze maachen, bleiwe Froen, déi op dëser Informatiounsversammlung leider net ugeschwat an net beäntwert goufen.

Et ass e Fakt, dass verschidde Gebaier elo schon net genuch Schoulsäll zur Dispositioun hunn. Elo scho mussen op ville Plazen innovativ Léisunge gesicht ginn. Wou solle mir dann op eemol déi zousätzlech Reim hierhuelen, wa mir de Grupp elo mussen an 2 splécken, fir déi 2 parallel Alphabetiséierung kënnen duerchzeféieren? Mee mir brauchen net nëmme méi Säll, nee mir brauchen och zousätzlech Personal. Wann d'Klass während der Alphabetiséierung an an der Mathé an zwee gedeelt gëtt, da brauche mer op mannst während dëse Stonnen ëmmer een Enseignant méi. A wou solle mir dat Personal dann hierhuelen?

Wann de MENJE Äntwerten op dës 2 Froen hätt, dann hätt hien déi Solutiounen jo während der Informatiounsversammlung presentéiere kënnen. Vläch wäeren dann eng Rei Enseignanté méi berouegt heemgaangen.

Den SNE/CGFP geet awer éischer vun der Hypothese aus, dass de MENJE dës dach ganz seriö Problematik fir déi praktesch Ëmsetzungen nach net geléist huet. Vläch soll de Ball do einfach un d'Gemengen an un de « Corps enseignant » weidergespillt ginn, nom Motto, d'Gemengen an d'Schoule solle sech selwer sou organsiséieren, fir dass si dat hikréien? Mat esou enger Aart a Weis fir virzegoe kann den SNE/CGFP net averstane sinn. Ausserdem wär et sech dann awer och mat esou enger « Débrouillez-vous »-Mentalitéit e bëssen einfach gemaach an doru kéint de « Projet phare » vum Ministère am Endeffekt dann och scheitern.

Kënn nach derbäi, dass momentan e ganz schlechten Zäitpunkt ass fir esou e komplizierten Dossier wëllen an der Schoul duerchzeboxen. D'Stëmmung a ville Schoulen ass nämlech alles anescht ewéi po-

sitiv. Vill Enseignanté schaffen un hirer Limitt, wat och vill domadder ze dinn huet, dass nach ëmmer keng zefriddestellend Léisunge fonnt gi si fir den Encadrement vu Kanner mat spezifische Besoien.

Sollt et dann awer zu enger Generaliséierung vum Projet « Alpha » op Landesniveau kommen, esou schwätzt sech den SNE/CGFP ganz kloer géint eng simultan flächendeckend Generalisatioun aus. Den SNE/CGFP plaidéiert fir eng stufeweis Aféierung an deene Gemengen a Schoulen, déi e Besoin hunn an déi sech prett spieren, de Projet ëmzesetzen.

Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech wënschen iech am Numm vum SNE/CGFP an och a mengem perséinlechen Numm grousam Feierdeeg, eng gutt Gesondheet an e schéint an erfëllent Joer 2025. Och am Neie Joer wäerte mir eis op eis Haaptaufgab besënnen, iech alleguerten ze representéieren an är Rechter an Interessen ze verteidegen.

Mat syndikalistesche Gréiss

Patrick Remakel

President vum SNE/CGFP



Patrick Remakel,  
President SNE/CGFP



## L'évasion est proche

LUX VOYAGES CGFP, une agence de voyage complète à votre service:

Pour vos déplacements de service ou privés à l'étranger

Voyages organisés

Billets d'avion, de train et de bateau

Réservations d'hôtels et d'appartements dans le monde entier

Tarif spécial pour les membres de la CGFP

**OUVERT  
LE SAMEDI MATIN**



# LUX VOYAGES

25A, boulevard Royal (Forum Royal) • L-2449 Luxembourg  
Tél. 47 00 47-1 • Fax 24 15 24 • e-mail: info@luxvoyages.lu  
Ouvert du lundi au vendredi de 8 à 18 h et le samedi de 9 à 13 h

Commission scolaire nationale

E grouse Merci fir  
Äert Vertrauen  
an Ären Optrag



Remakel Patrick

Schetgen Vanessa

## Résultats des élections de quatre membres du personnel enseignant à la Commission scolaire nationale

Le 4 décembre 2024, le bureau électoral a procédé au dépouillement des 2 061 bulletins de vote avec les résultats suivants:

- Nombre de voix obtenues par Monsieur CALDARELLA WEIS Marvin : 624
- Nombre de voix obtenues par Madame DAME Joëlle : 695
- Nombre de voix obtenues par Madame MOUSEL Sonia : 607
- Nombre de voix obtenues par Monsieur SCHONS Olivier : 565
- Nombre de voix obtenues par Monsieur GLESENER Gilles : 1 207
- Nombre de voix obtenues par Monsieur KOHNEN Christian : 1 146
- Nombre de voix obtenues par Monsieur REMAKEL Patrick: 1 319
- Nombre de voix obtenues par Madame SCHETGEN Vanessa: 1 146
- Nombre de voix obtenues par Monsieur FEYEREISEN Bob : 360

Les quatre candidats ayant réuni sur leur nom la pluralité des voix exprimées sont proclamés élus.

Il s'agit de: M. Patrick REMAKEL  
M. Gilles GLESENER  
Mme Vanessa SCHETGEN  
M. Christian KOHNEN.

# Mat Numulis gëtt **Liese** spillend einfach

Liesebicher, Liesspiller a Liesmaterial sou individuell wéi däi Schoulkand



**Setz dir däi Liesbuch selwer zesammen**  
Fann mat Liichtgeket dat Liesbuch, dat perfekt bei d' Lieskompetenz vun dengem Schoulkand passt!

**Suerg fir nach méi Spaass beim Liesen!**

Passend zu all Geschicht fënns du:

- Ergänzungsspiller – spilleresch op d'Buch virbereeden
- Wuertschatzkaarten – den Text vum Buch méi einfach verstoen
- Interaktive Quiz – d'Textversteesdemech testen

Mat dësem QR-Code kanns du an eist gratis Mini E-Book eralussen:



Méi vu NUMULIS fënns du ob [www.numulis.lu](http://www.numulis.lu)



**SDK Akademie**  
**SuperDrecksKëscht®**



Getreu ihrem Motto „Geliebte Klimaschutz“ steht die SDK für Ressourcen, Nachhaltigkeit, Kreislaufwirtschaft und Innovation.

Entdecken Sie unsere Angebote zur Sensibilisierung in der Schulgemeinschaft.

[www.sdk-akademie.lu](http://www.sdk-akademie.lu)



Label SDK



Weiterbildungen für Lehrkräfte beim IFEN



Aktivitäten zur Sensibilisierung



Coaching

**Geliebte Klimaschutz**



**sne** éditions

**Nous imprimons pour vous en offset & digital**

- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite / Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant

[www.sne.lu](http://www.sne.lu) • [shop@sne.lu](mailto:shop@sne.lu)

**emile weber**  
all about your journey

**Group Travel Experiences**

Voyages en groupe sur mesure

Pour clubs, associations, écoles, entreprises ou amis & familles...  
Notre département groupes est à votre disposition pour vous conseiller.

Pour plus d'infos scannez ici!



**Département Groupes**

Z.A. Reckschleed  
L-5411 Canach

+352 35 65 75-300  
[groups@ew.lu](mailto:groups@ew.lu)

[f](https://www.facebook.com/emileweber) [i](https://www.instagram.com/emileweber) [in](https://www.linkedin.com/company/emileweber) [yt](https://www.youtube.com/channel/UC...)  
[www.emile-weber.lu](http://www.emile-weber.lu)





N°1301  
Entrée le 04.10.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 04.10.2024

Här Claude Wiseler  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Fir d'Rentrée 2018/2019 haten déi éischt Centres socio-thérapeutiques (CST) hir Dieren opgemaach. Dës Zentren encadréiere Schüler:inne mat grave Verhalensopfällegkeeten tëschent 4 an 12 Joer mam Zil si erëm an d'Schoul anzeglidderen. Op der Grondlag vum Diagnostik an der Recommandatioun vum Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel (CDSE), decidéieren d'Commission nationale d'inclusion (CNI) an déi legal Erziebungsberechtegt zesummen, ob d'Betreiung an engem CST sënnvoll ass.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend folgend Froe stellen:

- Wéi vill Schüler:innen hunn opgrond vu Verhalensproblemer e "Besoin spécifique" a wéi ass hir Verdeelung no Altersgrupp a Geschlecht?
- Wéi vill Schüler:inne sinn déi lescht 5 Joer vum CDSE ënnerstëtzt ginn a wéi ass hir Verdeelung no Altersgrupp a Geschlecht?
- Wéi vill Schüler:inne sinn déi lescht 5 Joer an engem CST encadréiert ginn a wéi ass hir Verdeelung no Altersgrupp a Geschlecht?
- Wéi ass d'Rolleverdeelung an d'Zesummenaarbecht tëschent dem CDSE an den CST?
- Wéi gesäit de Suivi vu Schüler:innen aus, déi en CST verloossen?
- Wéi eng Diagnostike gi bei Schüler:inne mat grave Verhalensopfällegkeeten gemaach?
- Kann den Här Minister eng Evaluatioun vum Dispositif CST presentéieren?
- Wéi eng Moosname sinn en place fir systematesch Donnéeën ze erhiewen, fir den Dispositif evaluéieren ze kënnen?
- Wéi gesäit den Här Minister d'Zukunft vum Dispositif CST?

Mat déiwem Respekt,

Francine Cloeser  
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP  
34, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1  
Fax: (+352) 22 59 14-82  
lsap@chd.lu

lsap.lu



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1301 vun der honorabeler Deputéiert Francine Cloeser

Ad 1)

Aktuell sinn eng 425 Schüler beim Centre pour le développement socio-émotionnel (CDSE) gemellt. Den Duerchschnëttsalter vun dese Schüler läit knapp iwwer 11 Joer an ëm déi 17,2 % si Meedercher.

Ad 2)

Wann een déi nei Demandë fir d'Mise en place vun enger Ënnerstëtzung fir e Schüler kuckt, déi den CDSE an deene leschte fënnf Joer krut huet, erschléisse sech folgend Zuelen:

Schouljoer	Total nei Demanden	Geschlecht		Altersgrupp		
		Jongen	Meedercher	Alter 4-9	Alter 10-13	Alter 14-20
2019/2020	104	91	13	52	41	11
2020/2021	122	97	25	45	58	19
2021/2022	123	102	21	56	48	19
2022/2023	135	118	17	56	56	23
2023/2024	136	113	23	57	57	22

Ad 3)

Zuel vun de Schüler, déi déi lescht fënnf Joer an engem CST encadréiert goufen (Opdeelung no Altersgrupp a Geschlecht)		
Alter bei Opnam am CST a Joren	Jongen	Meedercher
4-9	52	6
10-13	50	2
	<b>102</b>	<b>8</b>

Ad 4)

D'Rolleverdeelung an d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddenen Acteure sinn an engem Accord cadre festgehalen.

De CDSE huet de Lead wärend der Admissiounsprozedur vum Schüler an ass och responsabel fir d'Beschoulung vum Schüler, déi duerch Enseignantë vum CDSE assuréiert gëtt, esou wéi fir d'Preparatioun vun der Reintegratioun/Reorientatioun vum Schüler no sengem Openthalt am CST.

Déi edukativ Prise en charge wärend dem Openthalt am CST gëtt duerch eng multidisziplinär Equipe (Psychologen, Psychotherapeuten, Psychomotoriker, Erzéier, asw.) vun engem Prestataire aus der Aide à l'enfance et à la famille (AEF) assuréiert.

D'Koordinatioun gëtt vum CDSE gemaach an et fanne reegelméisseg Echangingen tëschent deene verschiddenen Acteure statt.

**Ad 5)**

Schüler, déi en CST verloossen, ginn individuell, hire Besoinen ugepasst, begleet. Hei kann et zu enger Reintegratioun a seng ursprénglech Schoul oder awer an eng nei Schoul kommen. Jee no Besoin vum Schüler kënnen, zousätzlech zum Appui pédagogique duerch d'Enseignanten, eng Ënnerstëtzung duerch en I-EBS, eng ESEB, oder a Form vun enger ambulanter Prise en charge an der Klass duerch den CDSE oder en anere Kompetenzzenter en place gesat ginn.

Wann d'Mesure CST clôturéiert ass, kann et awer och zu enger Reorientatioun vum Schüler an eng senge Besoinen ugepasste Schoulform, z. B. an enger Klass vun engem Kompetenzzenter, kommen. An Eenzelfäll kann de Suivi och aus enger ganzheetlecher Prise en charge am Ausland bestoen.

Des Weidere kënnen de Schüler a säin Ëmfeld, wärend oder no der Betreuung am CST, verschidden Hëllef vum ONE notzen.

**Ad 6)**

An dëse Situatiounen gëtt an der Regel vum CDSE e Rendez-vous bei engem Kannerpsychiater recommandéiert. Doriwwer erwidert de CDSE den Diagnostik mat Hëllef vu pädagogeschen a psychologeschen Instrumenter.

**Ad 7)**

Et gi reegelméisseg Plattformen tëschent Verrieder vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) an de Prestatairen, déi um Terrain intervenéieren, organiséiert, fir iwwer méiglech Upassungen vum Dispositif CST ze diskutéieren.

**Ad 8)**

Hei ass et esou, datt een op Outilen zeréckgräift wéi den digitale Schülerdossier. Anhand vun dësem Outil gi reegelméisseg Donnéeën gezunn déi hëllef, den Dispositif de prise en charge fir Schüler mat spezifesch Besoinen evaluéieren ze kënnen.

**Ad 9)**

Et ass eng Prioritéit vum MENJE, fir an deenen nächste Joren den Dispositif CST weider auszebauen. Zwee zousätzlech CST wäerten am Laf vum Schouljoer 2024/2025 dobäikommen. D'Zil ass et weiderhin, een CST pro Joer opzemaachen.

Lëtzebuerg, den 13. November 2024

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH



# An der Schoul kee Wee laanscht den SNE/CGFP

## www.sne.lu



N°1367  
Entrée le 16.10.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 16.10.2024

Monsieur Claude Wiseler  
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den Niercongé erlaabt et Mammen nees schaffen ze goen a gläichzäiteg och hiert Kand ze nieren. De Code du travail gesäit pro Aarbechtsdag zwou Nierpausen vu jeeweils 45 Minutten vir, déi a verschiddene Fäll kënnen an enger Paus vun 90 Minutten zesummegeholl ginn.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend folgend Froe stellen:

- Wéi vill Niercongé hunn Enseignanteë mat enger voller Tâche am Enseignement Fondamental an am Enseignement Secondaire?
- Wat sinn d'Modalitéite vum Niercongé am Enseignement?
- Ginn et opgrond vum Stonneplang Constraintë wéini eng Enseignante hiren Niercongé huele kann? Wa jo, wéi eng Constraintë wieren dat?
- Wéi a vu wem gëtt de Remplacement organiséiert, wann eng Enseignante während enger Schoulstonn Niercongé huet?
- Wéi vill Enseignanteë hunn an deene leschte fënnef Joer en Niercongé gefrot?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori  
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP  
34, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1  
Fax: (+352) 22 59 14-82  
lsap@chd.lu

lsap.lu



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1367 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Den Niercongé am Enseignement berout op den allgemenge gesetzleche Bestëmmungen, sou wéi se an den Artikelen L.336-2 an L.336-3 vum Code du Travail festgehal sinn.

**Ad 1)**

Am Enseignement fondamental grad ewéi och am Enseignement secondaire ass fir Enseignantë mat enger voller Tâche een Niercongé vu fënnef Leçone pro Woch virgesinn.

**Ad 2) an 3)**

Den Niercongé ënnerläit folgende Modalitéiten:

- Fir Enseignanteë, déi ee Service à temps partiel assuréieren, gëtt den Niercongé proportional zum Degré de tâche accordéiert.
- Eng Interventioun während der éischter Leçon vum Dag gëtt no Récksprooch mam Agent evitéiert.
- Enseignanteë, déi allaitéieren, brauche keng lwwerstonnen ze halen.

**Ad 4)**

Am Enseignement fondamental gëtt de Remplacement vum zoustännege Regionaldirekter organiséiert, am Enseignement secondaire vum zoustännege Lycéesdirekter.

**Ad 5)**

Den Tableau hei drënner weist d'Zuel vun den Enseignanteë, déi an de leschte fënnef Joer een Niercongé accordéiert kruten.

2019-2020	2020-2021	2021-2022	2022-2023	2023-2024
99	119	136	134	166

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

# Alle Jahre wieder

## Eis Grondschoole funktionéieren am Noutbetrieb

Nach ass de Wanter net richteg un, a scho stousse mir bei de Remplacemeter an eise Schoulen un eis Limitten.

Duerch de Manktem un Ersatzpersonal ass de bon fonctionnement vun eise Schoulen aktuell nëmmen nach schwéier ze garantéieren. An ëmmer méi Schoulen ass ee gereegelten Unterrecht ënner deene Bedingungen net méi oprecht ze erhalen.

Op en Neits huet de Ministère et verpasst genuch Ersatzleit an de Pool des remplaçants opzehuelen, fir am Fall vun enger Absence vun engem Enseignant deen néidege Suivi an de Klassen ze assuréieren.

D'Penurie un Ersatzpersonal riskéiert och nach déi nächst Jore weider ze bestoen a sech ze verschäerfen. Hunn eis potentiell Kandidatinnen a Kandidate fir de Stage de remplacement iere matkritt, dass de Beruff vum Schoulmeeschter an der Léierin ëmmer méi ustrengend an doduerch un Attraktivitéit verluer huet ? Sinn et déi gravéierend Probleemer, oft a Relatioun mat de Schwierigkeete bei der Inklusioun an dem Manktem u Ressourcë fir den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen, déi och d'Aarbecht vum Ersatzenseignant manner attraktiv maachen ?

Eis Grondschoole funktionéieren am Noutbetrieb. An deene Fäll, wou keen Ersatzpersonal disponibel ass, müssen d'Schoole sech moies ad hoc esou organiséieren, dass se entweder d'Kanner op aner Klassen opdeelen, oder d'Schoole gräifen op d'Kolleginnen a Kollege vun de Cours

d'appui, engem Centre d'apprentissage oder de Cours d'accueil zeréck, fir d'Klassen ze besetzen, wou den Titulaire ausgefall ass. Am 1. Fall gëtt de geuerdneten Oflaf an x anere Klasse fir een oder méi Deeg gestéiert. Am 2. Fall verléieren déi Kanner, déi ee Cours d'appui oder Accueil brauchen, hir wäertvoll Hëllefsmesuren. Dës Situatioun ass alles anescht wéi gönschdeg a suergt ëmmer nees fir lenger a Frust. Dat souwuel bei den Enseignanten, wéi och bei de Kanner an hiren Elteren.

A verschiddene Fäll sinn och aner Enseignanten aus der Equipe bereet fir déi eng oder aner Stonn vun engem KollegeIn schoulintern ze ersetzen. Déi Hëllef aus der Equipe kann dann awer dozou féieren, dass eng Klass alt bis zu 6 verschidden Enseignanten an engem Dag huet. Déi schoulintern Hëllefsbereitschaft ass jo schéin a gutt, mä an Zäiten, an deenen ëmmer méi Enseignanten iwwerlaascht sinn oder un der Grenz vun der Belaaschtbarkeet schaffen, kann dee Surplus un Aarbecht ganz séier zu enger Iwwerforderung féieren. Bei allem Asaz an Engagement vun den Enseignanten um Terrain, muss drop opgepasst ginn, dass d'Leit net duerch déi Méiaarbecht verbrannt ginn.

D'Bekämpfung vun der Penurie un Ersatzpersonal, d'Attraktivitéit vun eisem Beruff an d'Sécherstellung vun der Qualitéit vum Enseignement an eise Schoole sinn essenziell Punkte fir den SNE/CGFP.

Gläichzäiteg kann d'Léisung awer och net sinn, dass mir d'Autorisation de remplacement bradéieren a jidderengem coûte que coûte dee

Certificat ausstellen. Een Ersatz soll net just eng Garderie assuréiere kënnen, mä den Unterrecht an der Klass soll, sou wäit wéi méiglech, oprecht erhale ginn.

D'Kandidate fir de Stage de remplacement sollen en adequaten Niveau am Lëtzebuergeschen, am Däitschen an am Franséischen hunn, esouwuel am Mëndleche wéi am Schrëftlechen. Et wär ubruecht, dass d'Kandidatinnen a Kandidaten ee Sproochentest maachen, éier se hire Stage als Ersatz ufänken.

An deem Zesammenhang gëllt et och nach eng Kéier un eng laangjäreg Fuerderung vum SNE/CGFP ze erënneren, fir 2 verschidden Typpe vun Ersatzleit ze rekrutéieren:

Engersäits sollen Ersatzleit rekrutéiert ginn, déi fir kuerzfristeg Remplacemeter zoustänneg sinn. Deen aktuelle Stage vu 4 Woche soll hei d'Reegel bleiwen.

Anersäits sollen och Remplaçanten agestellt ginn, déi fir méi laangfristeg Remplacemeter kënnen agesat ginn. Hei wär ee méi ausféierleche Stage mat engem méi enke Suivi eng wichteg Mesure fir deenen Ersatzleit een zollte Bagage an déi néideg Kompetenze mat op den Terrain ze ginn.

Och sollten d'Regionaldirektiounen den Ersatzleit eng Formatioun ubidden, fir de Kandidatinnen a Kandidaten ze erklären, wéi d'Grondschool funktionéiert a fir hinnen déi grondleeënd Basisnotiounen ze vermëttelen, wat e.a. d'Preparatioun vun de Coursen, d'Evaluatioun an d'Kommunikatioun betrëfft.

De Ministère muss eis Equippen esou opstellen, dass mir genuch Leit an eise Schoulen hunn. Et gëtt dringenden Handlungsbedarf. Jidder Enseignant muss kënnen ouni schlecht Gewësse krank ginn, a keen Enseignant soll sech musse krank op d'Aarbecht schleefen, fir ze verhënneren, dass Chaos a sengem Cycle oder sengem Gebai ausbrécht.



Ech profitéiere vun dësem Punkt fir och nach eng Kéier mat Nodrock drop hinzeweisen, dass och eis Kolleginnen a Kollegen, IEBS, AEBS an Assistants en classe (ESEB) onbedéngt müssen ersat ginn, wa se feelen. Et kann net sinn, dass grad eis Kanner mat deene gréisste Förderbediirfnisser hir Hëllef verléieren, am Fall vun enger Absence.

Wéi ëmmer si mir als SNE/CGFP bereet fir eis mam Här Minister un een Dësch ze sëtze fir zesammen a konstruktiv no Léisungen ze sichen.



De Christian Kohlen ass Enseignant am Cycle 4, President vum Comité d'école, Ecole Fondamentale Steinfort a Member vum Comité central vum SNE/CGFP.



# boesner

KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen

Über 28.000 Artikel  
 - Staffeln- und Großhandelspreise  
 - Lieferservice  
 - Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

**boesner GmbH Perl**  
 Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch  
 Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com  
 Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr

Auf **3.200 m<sup>2</sup>**  
 alles was Kunst braucht

Frankfurt  
 Mutterstadt  
 Perl  
 Saarbrücken  
 Trier

www.boesner.com



**MNM**  
 MUSÉE NATIONAL  
 DES MINES  
 RUMELANGE

## Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss

- fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
- fir individuell Visiteuren vun Abrëll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
- am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
- vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg

Detailléiert Informatiounen:  
[www.mnm.lu](http://www.mnm.lu)




## Lineheart, ären Apple Partner fir d'Digitaliséierung am Enseignement.

Wielt haut déi richteg **Serviceur** a **Produiten** fir en gelungenen IT-Projet an ärer Schoul.




- ▶ Berodung
- ▶ Installatioun
- ▶ Support-Formatioun
- ▶ Maintenance
- ▶ Locatioun-Finanzement

- ▶ iPad / MacBook / iMac
- ▶ Accessoires
- ▶ Wifi-Réseau
- ▶ Projektion/interaktiv Tafel
- ▶ Robotik/Coding

Fir e Projet mat Wäitsicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Education.

[lineheart.lu/education](http://lineheart.lu/education) • +352 44 68 44-340 • [education@lineheart.lu](mailto:education@lineheart.lu)

LINEHEART

 **Authorised  
 Education Specialist**

## Évolution de la carrière de l'instituteur classé dans le groupe de traitement A2

Le recrutement des instituteurs-fonctionnaires est organisé par le MENJE. Ce recrutement se fait par voie d'un examen-concours.

### Stage de l'instituteur-stagiaire

L'instituteur-stagiaire nouvellement engagé commence sa carrière auprès de l'État par une période stage.

Le stage s'étale en principe sur une période de 2 années. Une réduction de stage peut être accordée à l'instituteur sous certaines conditions, notamment si le stagiaire peut, au début du stage, se prévaloir, dans le cadre de sa formation initiale, d'un ou de plusieurs stages d'une durée cumulée de seize semaines ou plus. Les périodes de stage doivent être documentées par des consignes et validations de la part de l'institution en charge de la formation initiale.

### L'indemnité de stage

Pendant la période de stage, l'instituteur stagiaire a droit à une indemnité de stage fixée au cinquième échelon du grade 10 ayant la valeur de 290 p.i.

### Structuration de la carrière de l'instituteur : Généralités

L'organisation des groupes de traitement et la rémunération des fonctionnaires sont fixées par la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État.

Les carrières des fonctionnaires sont organisées selon 5 rubriques :

- Administration générale
- Enseignement
- Armée, Police et Inspection générale de la Police
- Douanes
- Magistrature

A l'intérieur de la rubrique « Enseignement » les fonctions sont classées en 2 catégories de traitement A et B.

Ces catégories de traitement sont elles-mêmes réparties en groupes de traitement A1, A2 et B1.

La fonction d'instituteur appartient au groupe de traitement A2, tandis que celle d'instituteur spécialisé est classée dans le groupe de traitement A1.

A l'intérieur de ces groupes de traitement, les fonctions d'instituteur sont regroupées dans des sous-groupes de traitement (enseignement fondamental ; enseignement secondaire ; à attributions particulières).

Dans les sous-groupes de traitement, il existe un niveau général et un niveau supérieur, qui déterminent les conditions et modalités des avancements.

### La structure de la carrière



### Le traitement de début de carrière

Après la réussite du stage, le fonctionnaire obtient une nomination.

Le traitement de l'instituteur nouvellement nommé est fixé en principe sur la base du 4<sup>e</sup> échelon du grade de computation début de carrière, à savoir le grade 10.

### Bonification d'ancienneté de service

Le cas échéant, l'instituteur qui obtient une nomination définitive au grade de début de son sous-groupe de traitement bénéficie d'une bonification d'ancienneté de service, c'est-à-dire les périodes passées avant cette nomination, y compris les périodes de stage, lui sont bonifiées intégralement pour le calcul de son traitement initial, ceci indépendamment du degré d'occupation (tâche complète ou partielle) attesté pour ces périodes.

### Les avancements en traitement

La fonction d'instituteur évolue selon le tableau indiciaire « Administration générale ». Elle comprend les grades 10, 11, 12, 13 et 14.

I. Administration générale																	
Grade	Echelons															Nombre et valeur des augmentations biennales	
	1	2	3	4	5	6	7	8	9	10	11	12	13	14	15		
S4	940																
S3	805																
S2	720																
S1	700																
18	455	470	490	510	530	550	570	590	610	630	647						1x15+8x20+1x17
17	440	455	470	490	510	530	550	570	590	610	625						2x15+7x20+1x15
